***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fuere mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2016 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2016/2017.**

D'Scouts-Joer 2016/2017 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Daat neit Scoutsjoer goung fir eng Delegatioun vun den Duelemer Cheffen lass mam **LGS-Kongress** Mëttwochs den 21te September 2016, wou mir eng kleng Delegatioun en marche gesaat haten, fir zu Dideléng d'Generalversammlung vun eisem Verband der LGS matzemaachen. Dest ass, ëmmer eng méih dreschen a lang-otmeg Affaire, mat Réck- an Ausbléck vun alle Branchen an dem Unhuelen vu Konten a Budget. Mais Transparenz ass wichteg fir all Gemeinwiesen, an esou hu mir déi dresche Setzung gudd opgehollt. An eng gudd Moderatioun huet duerfir gesuergt, dass daat Ganzt nett zevill aus dem Zeitplang gefall ass, a mir Cheffen nach Zeit fir e klengt Gespréich bei engem gudde Patt haten.
- Sondes de 25ten September ass et zu Dideléng weidergang mam **LGS-Cheffdag**, wou sech alles em de grousse Projet, dem Go-Urban gedréint huet. Vu datt ausser de RaRo, all Branchen vun eisem Grupp wollten do matmachen, an e puer vun eise Cheffen och nach Extra-Chargen hei ugehollt haten, sinn d'Kommunikatiounen vum Verband hei op groussen Interessie och vun eiser Delegatioun gestouss.
- A scho gung et nees richteg lass. Zwar hate mir eis och dest Joer nees schlecht organiséiert, fir unzekommen an eis Flyer'en fir de **Schnupperdag** zur Zeit bei d'Kanner ze kréien. Mais irgendwéi huet et dunn an der Hektik awer nach geklappt a mir stungen Samsdegs den **1ten Oktober 2016** beim, an am Home bereet, fir neien an ale Scouten eng flott Versammlung ze bidden an den Appetit op eng nei Saison unzestëppelen. Um Enn hate mir vill nei Nimm op eiser Lëscht, a besonnesch eis Biber waren sou zahlreich wéi nie.
- Well eis déi Formule an den 2 viirechte Joeren sou gudd gefall hat, an sech als zweckméisseg erwisen hat, hu mir och dest Joer nees den **1. Grupperot** vun der neier Saison op de Kommémoratiouns-Sondeg den **9ten Oktober 2016** geluecht. Esou si mir moies mat eisem Fändel mam Kortège mat an den Te Deum an d'Kiirch gang. An duerno huet sech eis Chefféquippe an den Home zeréckgezunn, fir a Rouh déi nei Saison ze diskutéieren an viirzebereeden. Am Nomëtteg war eis Rouh awer gewollt um Enn. Mir haten nämlech eis Kanner a Jugendlech, hir Elteren an eis Frënn aus der Amicale invitéiert, fir zesummen d'Biller vun eisem Summercamp Juntos 2016 a Portugal ze kucken. A fir an déi richteg Stëmmung ze kommen, hat de Rafi eis e Metzler organiséiert, deen eis e Fierkelchen no Portugiesescher Art a Weis, also e Leitao préparéiert a geliwwert hat. A well mir jo geléiert haten, dass se a Portugal och nach gudde Wein maachen, ware mir deen Owend gudd versuergt, an hu flott Erliefnesser gedeelt an opliewe gelooss.

- No eisem Zouwues an der Chefféquipe am Ufank vun der viirechter Saison, ware mir immens frouh ze gesinn, dass de generationelle Renouveau vun eisem Staff och an dëser Rentrée nees weidergang ass. Nëtt zuläscht ënnert dem Androck vun deem réusséierte Summercamp a Portugal hu sech am September 2016, 3 Jonker aus eise Carapio a RaRo an d'Reihe vun eiser Cheféquipe agegliedert. Et waren daat d'Julia Reinertz, daat d'Wëllecherséquippe verstärkt huet, an d'Liz Weiler an den Alexandre Halter, déi bei den Avex beigespronge sinn. Flott dobei war och, dass sie direkt mat enger Formatioun beim Verband ugefang hun. Nodeems och nach de Yanik Leclerc zousätzlech zu sengem Engagement bei de Biber, sech och nach bei d'Carapio als Chef ugin huet, ware mir iwerall gudd bestéckt fir en verantwortlechen, a sënnvollen Encadrement vun eise Kanner a Jugendlechen ze garantéieren. Mir kënnen dankbar a frouh sinn, esou gudd Jonker an eiser Mëtt ze hun, déi verstaan hun, dass et eng Zeit vum Huelen, an eng Zeit vum Ginn gett, an datt e Scoutsgrupp op Dauer nëmmen bestoen kann, wann ëmmer nees genuch Leit d'Bereetschaft opbréngen, Eppes vu sech hiirzegin, hir Zait fir anerer ze verschenken.
- Domat ware mir gudd opgestallt, vir déi nei Saison unzefänken, an traditionel gehéieren an dëss Zeit d'Monté'en vun enger Branche an eng nächst héicher entspriechend dem Alter vun de Kanner a Jonken. Dëss Saison hun d'Wëllef den Ufank gemacht an hun de **15ten Oktober 2016** an hirer Versammlung eng Reih Kanner an hire Reihen opgeholt, déi fir de Biberfoullard ze grouss gi waren.
- Entspriechend eise Gebraich war 2016 nees ugesoot **Mäertensdag**, an domat eise Patréiner a Viirbild grouss ze feieren. Duerfir hate mir nees weit ausgehollt a fir Samsdegs den 12ten November eng grouss Feier organiséiert. Ugefang hu mir an der Kiirch mat enger Mass bei der eis Wëllecher eis an engem liewegen Szenespill dem Mäerten sein charakteristeschen Geste, d'Deelen vu sengem Zaldotemantel mat engem Heeschert duergestallt hun. Duerno hun eis Kanner a Jugendlech selwer Martin gespillt , an e ganzen Unhänger voll Spill a Sportsaachen , Gezei, Bicher, jo esouguer 2 Kannervelo'en bei den Altoer geluecht, fir hire Reichtum mat Kanner a Jonken ze deelen, déi an engem Foyer vun der Fondation maison de la porte ouverte musse liewen, well sie entweder keng Elteren hun déi sech kënnen em sie këmmeren oder well sie hu missen viru Krich a Gewalt aus hirer Heemecht flüchten. Kloer, dass mir Scouten och d'Mass zur Eier vun eisem Patréiner gestaltet hun mat Gesang, Lesung Fürbitten a Massdénger a Scoutsuniform. No der Mass si mir dobausse schon vun eiser Musek erwaart gin, déi den hellege Mann um Pärd sollt duerch Duelem am Kortège begleeden. Eis Kanner si mat hire Lanteren matgangen, fir mat der Luucht an der Daischtert op dem Mäerten sei Geste a sei Liewen hinzeweisen, deen och Liicht an eng daischter Welt bruecht huet. Eise Kortège deen vu Police, Pompjé'en an eise Cheffen ofgesëchert gouf huet schlieslech gudd sei Wee iwert d'Scoutswiss bei den Home fonnt, wou de Steve an de Romain all eis Gäscht mat warmem Bouillon, Gegrills a Gedrénks erwaart hun. Esou huet e flotten Owend bei engem gudde Maufel an munch guddem Patt e gemittlechen Oofschloss fonnt.
- Vum 18.bis den 20ten 11.2016 haten sech d'Carapio zu Colmar-Bierg am Chalet Hirsch angenistet, fir an engem flotten **Montéesweekend**, hirer Equippe 3 nei **Carapio'en** zouzeféieren.
- Méindes den 21ten November ass de Carlo nees mam Unhänger an Daitschland ënnerwee gewiecht. Scheinbar sollt et nees Advent gin, an d'Welt géif no **Adventskränz** verlangeren. Also hu mir eis mussten viirbereeden. An daat war nett esou einfach, well

jhust virun den Adventskranz-Samsdeg hat d'Coque eis nach mat 56 Leit abestallt fir Donnegdes nuets de Catering bei der Night of the proms ze stämmen. Dank dem Isabelle senger Präsenz Mëttwochs a Freides, an der Viirarbecht vun eisen Avex mat de Kärzen hate mir déi viirbestallten Advents-Kränz awer nach zur Zeit op hirer Plaatz, a mir konnten Samsdegs den 26ten November mat Wëllef, Avex a Carapio un de Finissage vun eiser dëssjähreger Produktioun goen, waat mir och locker an a gudder Stëmmung gepackt hun. Am spéiden Nomëtteg war alles ausgeliwwert, a mir konnten eis deem nächste Punkt op eiser Agenda widmen.

- Zanter lange Joeren ass den 1. Adventssondeg zu Fëlschdref **porte ouverte beim Buttek Mosaik.** A schon bal 15 Joer mache mir Duelemer Guiden a Scouten eis eng Eier draus, an deem gousse Mosaik e klenge Steen ze sinn. Esou hate mir och dest Joer zu 7 Leit eis d'Wuert gin, fir deen Daag als gemeinsam BA den Gromperekichelchersstand ze bedreiwen, an domat daat grousst gemeinnëtzegt Wierk ze ënnerstëtzen. Et ass ëmmer flott, Deel vun eppes fonktionnéierendem Groussen Gudden ze sinn, an esou bidd sech eis hei eng flott Geleegenheet zur handgreiflecher praktescher krëschtlecher Nächsteléift. Eng wonnerbar Astëmmung op d'Adventszeit!
- Sondes den 9ten Dezember 2016 waren 3 vun eise Carapio, flankéiert vun hiren 2 Cheffen mat der **Regionalequippe Zentrum op e Keelenowend fir Carapio** mat.
- Samsdegs de 17ten Dezember 2016, ass eng kleng Delegatioun vun eisem Grupp op Bierkerech gefuer. De Grupp Mahatma Gandi vun do hat sech 2015 zu Perl uginn, fir dëst Joer d'**Friddensliichtverdeelungsfeier** bei sech ze organiséieren. Bei enger ganz scoutsméisseger Veillée beim Lagerfeier hu sie dëss Flaam un all Interesséierten weidergereeecht. Esou hate mir se elo och, an et konnt Krëschtdag gin.
- Fir Freides den 23ten Dezember, hate mir eise Memberen RV gin, fir eis gemeinsam **Krëschtfeier** mam Grupp. E klenge Marsch mam Friddensliicht duerch d'Nuecht, vun der Schoul hir, huet eis an d'Kiirch geféiert, wou d'Krëppchen op eis gewaart huet, déi eis Frënn den Alexandre an de Jona mat vill Léift fir d'Fest hiergeriicht haten. Eng Veillée mat Film, Gesang a Gebied huet eis eng Äentwert wollte gin op d'Fro, firwaat Kreschtdaag esou een grousst a wichtegt Fest fir eis Mënschen ass. Anschliessend si mir an den Home gangen, wou mir beim Kreschtbeemchen kleng Cadeau'en ennert eneen ausgetauscht hun, fir domat d'Freed iwert d'Gebuert vun eisem Erléiser duerzestellen an ze ënnerstreichen. A schlieslech koum och nach de Mëndchen op seng Käschten. Nodeems eise bewährtene Kach de Steve dest Joer huet misste passen, ass d'José agesprongen an huet eis e ganz exzellente Menu gezaubert. Bei Lasagna a Buche hun 55 Leit e schéinen erbaulechen Owend beschloss.
- Mais déi Beschaulechkeet sollt vu kurzer Dauer sinn. Well direkt den Dag drop war jo schon **helleg Owend**, an do hate mir eis jo nach etleches viirgehollt. Esou hu mir eis fir 2 Auer am Home getraff, fir mam Friddensliicht op den Tour ze goen. Flott war, dass mir dëst Joer nees méih Kanner a Jonker konnte fir dëss flott a wertvoll Traditioun gewannen, nett zuläscht och well mir dëst Joer fir d'éischte Kéier och d'Wëllefcher fir dëss Aktioun gefroot haten. Esou konnte mir mat 3 starke Gruppen an eiser Par a Regioun ausschwärmen, fir al, krank oder einfach léif Mënschen mat der Flaam vu Betlehem ze besichen, an hinnen vun der Freed an der Hoffnung schwätzen, déi mam Jesus senger Geburt an eis oft daischter Welt komm ass. Vill schwéier Schicksaler hu mir begéint, awer och dobei vill frouh an dankbar Blécker a Wieder waren nees e schéine Merci fir eise Besuch, deen op ville Plaazen freedeg erwaart gett.

- An och um Enn vun deem Tour hu mir eis nach nett gin. Et ass e puer vun eis eng léif Traditioun gin, fir **no der Familje-Metten zu Duelem**, nach e wéineg Freed an Heemlechkeet ze verbreeden. Duerfir hu mir och dest Joer nees hannen an der Kiirch e Stand ageriicht, wou mir deenen, déi daat wollten, e farwegt Glas mat dem Friddensliicht vu Betlehem geschenkt hun. Virun der Kirch hate mir en Zelt opgericht fir mat de Kirchebesucher nach e puer Minuten bei Krëschtdagsmusek; Glühwein , Schoky a Gebäck an engem Gefill vu Gemeinsamkeet a Gebuergenheet ze verbréngen, éih jidfereen sech an d'Famill zeréckzéit, fir do endlech dem Jesus seng Gebuert, an eis Erléisung ze feieren.
- Fir Freides den 20te Januar haten eis Albatrossen mol eng ganz extra Aktivitéit lancéiert. Een vun eisen éischte Carapio'en am Ufank vun eisem Grupp, de Paul Thill haat zu Weihenstephan a Bayern, eng Formatioun zum 1ten diploméierten Edelbrandsommelier vu Letzebuerg gemaacht, an huet an dëser Eigenaart en **kommentéierten Edelbrandtasting** fir eise Grupp ofgehalen. Et waren zwar nëmmen 11 Leit bereet sech op esou eng nei Expérienz anzeloossen, mais déi 11 hun e ganz flotten a léierreichen Owend an eisem Home verbruecht.
- Fir Dënschdes de 24te Januar 2017 hate mir nees zur **Generalversammlung** an den Home invitéiert. Den Aktivitéitsbericht an de Keesserapport hun nees gewisen, dass eise Verein weider ganz dynamesch a finanziell gesond duerch déi vergangen Saison komm war, a mat Optimismus an d'Zukunft géif kucken.
- Fir Mettwochs den 8te Mäerz 2017 hat d'Fondatioun mérite jeunesse nees all Lauréaten an de Forum um Geesseknäppchen geruff fir **d'remise d'insignes vum mérite 2017** ze feieren. Och dëst Joer ware mir Duelemer Guiden a Scouten hei nees vertrueden. Zwou vun eise jonke Nowues-cheftainen, d'Julia Reinertz an d'Liz Weiler kruten hiren Engagement mat dem bronze-Insigne belount. Duelem war alt nees eng Kéier dobei!.
- Mais mir konnten eis nett laang op deene Lorbeeren ausrouen, well et stoung grouss Actioun um Programm. Fir Samsdes den **11te Mäerz 2017** hate mir emol nees op e **Scoutstheaterowend** an de Centre culturel op Duelem invitéiert. Mat 3 Sketscher , *„all Ufank ass schwéier"* , *„de Wohltäter"* an *„ Computercours fir Pensionnären"* hun eis Avex den Ufank gemacht an d'Eis gebrach. No enger Stärkung an der Paus hun d'Biber eis matgeholt bei *„ de Mauleff dee wësse wolt wien him op de Kapp ges…. huet"* éih d'Wëllef mat hirer Présentatioun vun enger witzeger Geschicht mam Titel *„d'Stroossejongen"* eise Publikum amüséiert hun. Schlieslech, hun, no enger weiderer Paus d'Carapio'en mat „ Gute Zeiten, schlechte Zeiten am Duelemer Spidol" nach eemol fir gudd Stëmmung gesuergt éih mir eis Gäscht op den Heemwee entlooss hun. Bei dësem kulturellen Highlight sinn nett manner wéi 62 Akteuren am Alter tëschend 5 a 17 Joer op der Bühn am Asatz gewiecht an hun hire Beitrag zum Gelengen vun esou enger grousser Manifestatioun geleescht. An dobei sinn all déi vill Erwuessen, déi hannert, nieft a ronderem d'Bühn matugepaakt hun, nach guer net agerechent.
- Knapps 2 Deeg méih spéit , Denschdes den 14te Mäerz 2017 ware mir nees mat Aal a Jonk am Home zesummen, fir de **24te Gebuertsdag vun eisem Verein**, an d'Réusite vun eisem Theater, mat enger leckerer Grillade a munech guddem Patt ze feieren. Bei der Gelegenheet gouf och eisen **Holzschapp**, un deem eis RaRo zanter 4 Joer geplangt a geschafft haten, duerch e gemeinsamen Effort vun eisem Gruppechef a vun eisem Buergermeeschter offiziel **ageweit**. Dobei gouf , als klenge Merci un d'Natur e wëllen Iesskastaniebaam geplanztz deen eis Chefféquippe op Mäertensdag 2011 zu Sankt

Martin an der Pfalz matgehollt haat. Leider ass déi Planz en Opfer vu spéidem Frascht an ze spéidem Nätze ginn.

- Freides den 31te Mäerz 2017 sinn e puer Leit aus Cheféquipe, Amicale a RaRo owends op Wintrich un der daitscher Musel gefuer, fir do, am Kader vun der Montée vers Pacques 2017, **d'Passiounsspill** an, a vun deem Duerf matzerliewen.
- Samsdes den 1ten Abrëll 2017 hun eis Carapio zu 8 Scouten mat hiren elo 3 Cheffen en **Ausflug an den Europapark op Rust** gemacht.
- Schon gleich 2 Deeg duerno, Sondes den 2ten Abrël 2017 ware mir nees zesummen, fir daat ze maachen, waat mir dank regelméissegem Training gudd kënnen. Nämlech feieren. Fir eis Kees ze schounen, a méih gemittlech ënnert eis ze sinn, hate mir all Leit, déi 2016 bei der Scouts-Kirmes matgeschafft haten, op eng **Agape** an déi nei Schoul op Fëlschdreff invitéiert. Hei hu mir e flotte Mëtteg lang bei enger gudder Routweinfondue, eis Réussiten aus der vergangener Saison gefeiert, a Schwonk getankt, fir daat, waat dëst Fréihjoer a Summer nach sollt op eis zoukommen.
- **D'Montée vers Pâcques** ass weider gang mat engem **Kannerkraizwee** mat de Biber an de Wëllefcher Donnegdes den 6ten Abrëll 2017 zu Duelem an der Kiirch. Vun Gréngendonnegdeg dem 13ten Abrël un waren dunn e puer Avex a Cheffen zesummen fir mat engem ganz intensive Programm vu Veillée, Film Gebied, Beicht an krëschtlecher Inipizeremonie déi 3 helleg Deeg virun Ouschteren emol konsequent an der Viirbereedung op d'Ouschterfest ze verbréngen. Den Héichpunkt war dunn Karsamsdes nuets d'Ouschternuetsfeier zu Tréier am Doum, éih mir, spéit an der Nuecht am Home eis Erléisung mat enger Grillade gefeiert hun.
- Vum 21ten bis den 23ten Abrëll waren 2 vun eise Carapio, d'Antonia an d'Carole mat engem Cheff dem Yanik um **Iron-scout 2017** dobei. De Yanik huet mussten e Streckeposten besetzen, awer eis zwee Meedercher hun déi Streck vu 65 km Foussmarsch gepackt. Respekt, daat muss een mol fäerdegbréngen.!!
- Samsdes den 6te Mee war den Home vun owends 19:00 un nees déck besaat. Eng ganz Hickecht vu Cheffen, Avex, Carapio, RaRo an Albatrosse haten sech afonnt, fir de Kierper mat enger gudder Raclette, an de Geescht mat enger Veillée **op de Pélé des jeunes 2017** anzestëmmen. Em 1:00 nuets goung et dunn zu Duelem fort, fir pénktlech em 7:30 an der Kathedral ze setzen. Bemierkenswert war, dass mir ënnerwee, esou vill Vertrauen haten, fir zesummen eng Reih Gesätzer vum Rousekranz ze bieden. Eisen traditionelle Kaffi hu mir zwar dest Joer mussen an enger anerer Bud wéi all déi Joeren virdrun drénke goen, mais et goung och 2017 nett ouni. Nom engem kurzen Tour iwert de Mäertchen huet alles de Réckwee ugetrueden, fir sech doheem vun de Strapazen vun der Nuecht ze erhuelen.
- „Warum denn in die Ferne schweifen, wenn das Gute liegt so nah", daat haten sech eis Wëllefcherschefftaine geduecht, wéi sie vum 13. op de 14te Mee 2017 e WE mat hire Kanner wollten organiséieren. An esou sie sie zu Duelem an, a beim Home bliwwen, an hun do ënnert dem Thema „**Kraidergaart**" e flotten a léierreichen WE erlieft.
- Sondes den 14te Mee 2017 waren dunn eis Carapio nees um Dill, wéi si mat enger Duelemer Delegatioun vum **JOCAPI** der Journée Carapio 2017 zu Bartréng deelgeholt hun.
- Fir Samsdes den 20te Mee 2017 haat d'Equipe EAR vum Verband nees all Biber a Wëllefcher an d'Stadt geruff, fir mat der Partizipatioun un der **Oktavandacht**, eng al a schéin lëtzebuerger Traditioun un eis Kanner virunzereechen. Natiirlech hu mir Duelemer Scouten do nett dierfe fehlen an esou haate mir eng Retsch Kanner dobei

vu Biber a Wellefcher déi e flotten Nometten, mat Spiller an der Staat an an der Kathedral verbruecht hun..

- An du war et nees esou weit. Eis alljährlech Grousbaustelle **d'Scoutskirmes** stong nees virun der Diir. Wéi gewinnt ass et Dënschdes owends lassgangen mat dem Oprichten vun den LGS-Zelter an der Bühn. Vill Hänn hun den 23ten Mee hei matugepaakt an esou konnten spéit owends eng 20 Leit aus eise Reihen, op der LGS-Bühn déi **6. international Albatrosse-Summerraclette** (den C. Zerluth war nees dobei) genéissen. De ganzen nächsten Daag ass weider op, an ageriicht gin, an Owends konnt de musikalesche Viirprogramm zu eiser Scoutskirmes pénktlech lassgoen. 1.5 Stonnen mat den *Talking Parrots* an duerno nach 2 Stonnen flott Musek vun *de Belsche Jecken*, hun d'Scoutswiss mat enger flotter Feststëmmung erfëllt. Den aneren Muergen, op Christihimmelfahrt dem 25te Mee goung et dunn mat der eigentlecher **Scoutskirmes** weider. Traditionnel hu mir Guiden a Scouten d'Kirmesmass gestaltet déi vum Här Walin zélébréiert gouf. Duerno ass et richteg in die Vollen gang, mat Apéro, Mettegiessen, Spiller fir d'Kanner, Kouhscheissspill an eisem beléifte Volleyball-tournéier. D'Wierder huet och matgespillt, an Dank dem Asatz vu villen vun eise Memberen hate mir owends wéi et daischter gouf, déi grouss LGS-Zelter schon nees fäerdeg apepaakt an de Këschten leien.
- Et blouf nach **Freides de 26te Mee** nach emol unzerappen, fir d'Scoutswiss an den Home vun alle Spuren vun der Kirmes ze raumen, an owends konnte mir Cheffen eis midd awer zefridden RV gin a Schmatten zu Welfréng, fir bei engem gemeinsamen Iessen daat gudd Gefill vun enger gelongener gemeinsamer Grouss-Aktioun frëndschaftlech ze deelen an ze genéissen.
- Vill Rouh war eise Wëllecherscheftainen awer nett vergonnt, well schon direkt den iwernächsten Daag, **Sondes den 28te Mee** ware sie nees mat eise Wëllef bei enger nationaler Aktivitéit dobei. De Réimecher Grupp St. Kunibert hat den **Wëllefchersrally 2017** ausgeriicht, an do wollte mir als direkt Noperen, op alle Fall dobei sinn. An Hëllef war och batter néideg well: d Maskottchen vum Réimecher Grupp, de Cuni, ass bei engem vu senge Versich duerch d Zäit ze reesen hänke bliwwen an sie hun eis Hëllef gebraucht, fir datt hien erëm an d Joer 2017 zréckreesen kéint. Sie waren op eis Hëllef ugewisen fir em Cuni seng Zäitmaschinn ze flécken, mais dank dem gemeinsamen Asatz vun alle Wëllef ass dee Probleem geléist gin, an de Cuni war owends nees frouh a monter zu Réimech zeréck..
- An schon stung déi nächst Entreprise bei eise Scouten um Programm. Eis Albatrosse haten sech jo 2012 den Défi gin, fir an engem pluriannuellen Camp mobile op Santiago de Compostella ze pilgeren. Ënnert dem Titel « **Rosch Manuel goes Santiago** » waren wiesselend Eskort-Equippen mat eisem Maskottchen bis 2015 eng 1015 km zu Fouss, mam Velo oder am Paddelboot op der Loire komm a stoungen elo op der Héischt vu Bordeaux un der Küst bei Carcans-plage. Nodeems mir 2016 keng Etappe zustaan kritt haten, war et elo wichteg de Projet nees virunzebréngen. Well mir eis Aventure op d'Chefféquippe an d'Amicale ausgedehnt haten, hu sech 7 Leit fonnt, déi de Rosch 2017 weider no Süden wollte bréngen. Esou sinn Samsdes den 3te Juni 2017 de Carlo, d'Emel an de Fonny, d'Lisi, de Jang, d'José an d'Monique Watgen um 5 Auer zu Duelem lass gefuer, fir d'Aventure unzegoen. Ouni de Rosch Manuel, awer mat der Idiote-kaap sinn sie a 5 Deeg eng 115 km no Süden virukomm, mat ville Blooderen a vill Péng, mais vum Monique wonnerbar kulinaresch betreit a verwinnt a mat wonnerbaren Andréck an Erliefnesser. Ennert anerem huet eis de Wee virun der héichster Dün vun Europa, der

dune du Pyla laanschtgeféiert, e Wee dee secher nach nett vill Leit hei am Land duerften erliewen. Um Réckwee si mir dunn nach zu Tours agefall, fir eng Etappe an der Basilique St. Martin anzelé'en . An der Krypta, beim Graaf vun eisem Patréiner, huet eis Frëndin d'Monique dunn, an enger bewegender Zeremonie, sein Scoutsverspriechen ofgeluecht, éih mir midd awer glécklech nees op Lëtzebuerg heemkoumen.

- Dënschdes den 13te Mee 2017 si mir du mat 34 Leit owends an d'Coque komm, fir do beim **Concert vum Elton John** de Catering ze maachen, an esou eiser Kees eng kleng Vitaminsprëtz ze verpassen.
- Endlech stung d'Summervakanz virun der Diir an domat e laang erwartenen Héichpunkt vum Scoutismus hei zu Lëtzebuerg. Zanter dem Atlantis 1994 war keen groussen internationalen a brancheniwergreifende Camp méih bei eis am Land organiséiert gin. Gereizt vun dem Gedanken, un deen Erfolleg vun 1994 unzeknëppen, haten sech eng Partie Leit am Verband zanter 2011 agesaat, fir esou een Projet op d'Been ze stellen. An elo, am Summer 2017 sollt dëse Mega-Camp ennert dem Thema " **Go„Urban**" Realitéit gin. Esou koum et datt, vum 18ten bis den 28te Juli eis Avex an eis Carapio mat hiren Zelter op de Kirchbierg koumen, fir do Deel vun dësem eemolegen Evenement ze ginn. Och eis Wëllef waren dobei an hun vum 18ten bis den 23ten Juli an den Tipi'en vum Wollefsbierg gewunnt. Vum 20ten bis den 23ten Juli waren dunn och nach eis Biber mat um Go-Urban. Op 25 ha Surface, waren hei insgesamt 3607 Scouten zesummen. Dovun 157 Biber, 741 Wëllefcher, 533 Avex, 644 Carapio, 138 RaRo , encadréiert vun 636 Cheffen an 630 Memberen vum Staff an nach 127 Kanner um Mini-Camp. Och wann et bei verschiddenen Aktivitéiten wéinst Mangel un Bénévoler zu Engpäss koum, huet daat dem positive Gesamterliefness nett kënne schueden. Besonnesch gudd fonctionnéiert huet de Campbistrot, waat jo och kee Wonner war, well dee fest an der Hand vun eis Duelemer war. Extra erwähnenswert war den **Open-day , Sondes den 23te Juli 2017**. D'Wieder huet sech vu senger bäschter Sait gewisen, an esou hun deen Daag eng 10.000 Visiteuren de Camp besicht fir sech selwer e Bild ze maachen vum Liewen op esou engem grousse Camp oder fir e Scout hei besichen ze kommen. Mat enger fulminanter Schlussveillée Donnegdes den 27te Juli, goung de Go-Urban, deen sech antëschend duerch de ville Reen an e Go-Bulli verwandelt hat, zu Enn. Et blouf nach anzepaken an heemzefueren, an d'Erënnerung ze kultivéieren an der Geweessheet, Eppes ganz eemoleges am lëtzebuerger Scoutismus materlieft ze hun.
- Elo gouf et méih roueg an, an ëm den Scoutshome zu Duelem. Mais ganz eriwer war d'Saison 2016/2017 fir eis nach nett, well eis RaRo nach e puer Saachen am Schlëscher haten.
- Fir nett aus der Übung ze kommen, haten sie am Juni e grousst Faass voll gudder zeideger Biokiischten agemaacht. Déi Maische hat elo de ganze Summer Zait gehat fir ze reifen. An duerfir hu sie Samsdegs den 12ten August, beim Jean-Paul am Haff, d'Brennerei ënner Damp gesaat, an eng ganz Reih Liter un éischtklassegem **Kiischtebranntwein** mat dem Accord vun der Steierverwaltung an d'Fläsche bruecht. Elo hu mir nees Reserven.
- De virechte Summer op eisem Camp a Portugal, haten eis RaRo hautno erlieft, waat déi weltweit Bridderlechkeet ënnert Scouten bedeit. De Chris hat Kontakt opgeholt zu engem Grupp vu portugiesesche RaRo aus Agueda bei Aveiro. Déi haten eis RaRo dunn fir 3 Deeg op e ganz flotten a rauen Hike matgeholt wou sie ganz déif mat der

Schéinheet vum Land an der Liewensfreed vun senge Leit a Kontakt komm waren. Déi RaRo, déi ënnert vill méih prékären finanzielle Konditiounen musse schaffen wéi mir heizuland, hun 2 Joer intensif geschafft fir Suen ze sammelen, déi hinnen fir 2017 sollt eng Rees duerch 4 verschidden europäesch Länner erméiglechen. Dobei wollte sie och Lëtzebuerg besichen, fir esou eng Invitatioun vun eiser Sait ze beäntwerten. Esou koum et datt **Mëttwochs den 30ten August 2017**, e Grupp vu **15 portugiesesche RaRo** owends mam Zuch vu Bréissel kommend zu Lëtzebuerg op der Gare stoungen. Eng Delegatioun vun eiser Cheféquippe stoung mat 4 Auto'en bereet, fir sie op Duelem an eisen Home ze bréngen. Do hu mir mat hinnen, an dem jhust fäerdeg errichtenen Holzchalet, deen eis Gemeng um Go-Urban kaaft hat, e gudden frëschen Ietsebulli giess als éischt Astëmmung op Lëtzebuerg. No enger kuerzer Nuecht am Home, hun eng 5 vun eise Cheffen mat hinnen Kaffi, gedronk éih mir sie op eng Entdeckungsfahrt duerch Lëtzeburg entfouert hun. Eise Formatiounszenter um Neihaisgen mam Keltenhaus an duerno eis Haaptstaadt waren eis éischt Etappen. Nom Festungsmuséé si mir vun do aus mat hinnen zu Fouss eng 16 km duerch d'Stadt getrëppelt fir hinnen eis schéin Haaptstaadt ze weisen. Anschliessend hu mir sie, via Réimech, op d'Musel matgehollt op Schengen. Bei de Monumenter zum Gedenken und d'Schengener Oofkommes daat eigentlech d'Grondlaag och fir hir frei Rees duerch en Europa ouni Grenzen ass, hu mir nach zesummen e Geocache gelogged deen den interessanten Numm dréiht „ a piece of Portugal in Luxembourg", wat fir eisen gemeinsamen Ausflug eng interessant Symbolik duergestallt huet. E montere Grillowend beim Lagerfeier mat Gesank a flotte Gespréicher huet dëse bereichernden Daag beschloss. Mat guddem Gewëssen a vill Freed am Häerz konnte mir den nächste moien eis Frënn nach fir 6 Auer op den Zuch bréngen, deen sie op Parais, hir läscht Etappe sollt féieren.

- Elo waar , kurz virun der Rentrée, définitiv de Rideau gefall fir d'Scouts-Saison 2016/2017.
- No em déi 150 normal Versammlung mat de Kanner a Jugendlechen aus alle 6 Branchen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an de 35 Wochen baussen de Vakanzen, déi eng Saison ausmaachen, war elo nach e wéineg Zeit, Hiem a Foullard un de Kroop ze hänken, an e wéineg Distanz ze gewannen, fir d'Batterien fir eng nei Saison nees ze lueden.